



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Motion de M. Serge Urbany relative à l'opposition du Gouvernement au Conseil européen à toute démarche menant vers une implémentation de l'accord économique et commercial global (AECG), tant que les dispositions RDIE contenues actuellement dans cet accord sont maintenues et
  - Motion de M. David Wagner relative à l'initiation ou le soutien de toute démarche envers la Commission humanitaire d'établissement des faits dans le but d'ouvrir une enquête indépendante
  - M. Serge Urbany (renvoi des deux motions en commission)
3. Changement de composition d'une commission parlementaire
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. 6772 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre de l'Union européenne; et transposant la directive 2014/60/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la restitution de biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre et modifiant le règlement n°1024/2012 (UE) (refonte)
  - Rapport de la Commission de la Culture: M. André Bauler
  - Discussion générale: Mme Octavie Modert, Mme Taina Bofferdig, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser
  - Prise de position du Gouvernement: Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 6646 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé et la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un Centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique
  - Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen
  - Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, Mme Josée Lorsché
  - Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 6756 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État
  - Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Yves Cruchten
  - Discussion générale: Mme Octavie Modert, M. Gusty Graas, M. Henri Kox
  - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
7. 6812 - Projet de loi portant approbation
  - de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Autriche concernant l'échange et la protection réciproques des informations classifiées
  - de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Croatie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Claudia Dall'Agnol
  - Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany
  - Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, Ministre des Sports
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
8. 6813 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement (OCCAR) sur la protection des informations classifiées, fait à Luxembourg, le 6 janvier 2015
    - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
    - Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Gusty Graas, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Marc Angel), M. Serge Urbany
    - Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, Ministre des Sports
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  9. 6782 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest
    - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
    - Discussion générale: Mme Josée Lorsché, M. Aly Kaes, M. Georges Engel, M. Gusty Graas, M. David Wagner
    - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  10. Ordre du jour
    - M. Mars Di Bartolomeo, Président
  11. 6888 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au chapitre 9 «Frais et indemnités» de l'annexe 5 «Régime des traitements des fonctionnaires de la Chambre des Députés»
    - Rapport de la Commission du Règlement: M. Gast Gibéryen
    - Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Eugène Berger
    - Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés
  12. 6836 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État
    - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché (dépôt d'une motion)
    - Débat: M. Aly Kaes, M. Georges Engel, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen
    - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
    - Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Romain Schneider, François Bausch, Dan Kersch, Mmes Maggy Nagel et Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet.

► **Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture.**- Neen, Här President, et si keng ze maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Villmools Merci der Madamm Minister. Dann huet den Här Urbany d'Wuert.

### 2. Motion de M. Serge Urbany relative à l'opposition du Gouvernement au Conseil européen à toute démarche menant vers une implémentation de l'accord économique et commercial global (AECG), tant que les dispositions RDIE contenues actuellement dans cet accord sont maintenues et

**Motion de M. David Wagner relative à l'initiation ou le soutien de toute démarche envers la Commission humanitaire d'établissement des faits dans le but d'ouvrir une enquête indépendante**

► **M. Serge Urbany (déi Lénk), auteur.**- Jo, Här President, mir hate vun eisem Grupp aus gëschter zwou Motiounen eraginn, eng, déi dee CETA-Accord betrëfft, an eng, déi de Bombardement vum Spidol zu Kundus betrëfft, a mir hate gefrot, fir déi elo nach kënnen ze diskutieren an der Chamber, och aus Aktualitéitsgrënn, well normalerweis jo eréischt déi nächst Chamber virgesinn ass an engem Mount.

Elo héiere mer awer, dass et de Wonsch wier vum Ausseminister, déi zwou Motiounen an enger Kommissioun des Affaires étrangères kënnen ze diskutieren. Wann dat de Wonsch ass, da wäerte mer eis deem och net an de Wee stellen an da géife mer froen, fir déi zwou Motiounen dann un déi jeeweileg Kommissioun ze verweisen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Urbany.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

### 3. Changement de composition d'une commission parlementaire

Da wollt ech lech nach ëm Är Meenung froen, wat d'Kompositioun vun enger parlamentarescher Kommissioun ugeet. Duerch hire Brëif vun haut proposéiert d'Fraktioun vun deene Grénge folgend Ännerung an der Zesummesetzung vun der Kommissioun vun der Landwirtschaft, dem Wäibau, dem Développement rural an der Protektioun vum Konsument:

Den Här Gérard Anzia ersetzt den Här Henri Kox all Kéiers fir de Punkt vum Projet de loi 6857 iwwert d'Ennerstëtzung vun der Nohaltegkeet an de ländleche Gebidder, an dat bis Enn vun den Aarbechten.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum éischte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet 6772, eng Transpositioun vun enger Direktiv am Beräich vun de Kulturgidder. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet

elo direkt de Rapporteur, dee scho prett hei ass, den Här André Bauler.

### 4. 6772 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre de l'Union européenne; et transposant la directive 2014/60/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la restitution de biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre et modifiant le règlement n°1024/2012 (UE) (refonte)

#### Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de 4. August dëses Joers hunn „Le Figaro“ an d'„Wort“ vun engem Picasso-Bild mam Titel „Tête de jeune fille“ bericht, dat engem spuenesche Banquier gehéiert an dat an d'Schwäiz iwwer Korsika bruecht sollt ginn. De Banquier hat schonn zanter 2012 probéiert, fir eng Geneemegung ze kréien, fir dësen Tableau, deem op iwwer 25 Milliounen Euro geschat gëtt, ze exportéieren. En hat zu Bastia eng Demande gestallt, fir d'Autorisatioun ze kréien, dësen Tableau d'art an d'Schwäiz auszeféieren an eng Demande um Büro vun der franséischer Douane déposéiert.

D'Bild war op enger Yacht gelant, déi am Hafe vu Calvi ugedockt hat. Déi franséisch Douanieren hunn d'Dokumenter iwwert d'Situatioun vum Tableau gefrot. De Kapitän vun der Yacht huet nëmmen en Dokument presentéiere kënnen, dat de Wäert vum Bild uginn huet, an en

Uerteel, dat déi sougenannt „Audience nationale espagnole“ verfaasst hat. An an deem stoung, datt et sech bei dësem Picasso ëm een „Trésor national espagnol“ handelt, deem op kee Fall dat spuenescht Kinnekräich verloossen dierft.

Schonn am Dezember 2012 war eng éischt Demande déposéiert ginn, fir den Tableau op London ze bréngen. De spuenesche Kulturminister huet sech deem awer widdersat an d'Audience nationale, esou schreift „Le Figaro“, eng vun den héchste spuenesche Gerichtsinstanzen, huet befonnt, datt den Tableau inexportabel wier, well et um spueneschen Territoire kee vergläichbart anert Wierk méi aus dëser Period am Liewe vum Picasso géif ginn.

Dëst Beispill, Kolleeginnen a Kolleegen, veranschaulicht den Esprit vun der europäescher Direktiv 93/7/CEE, eng EU-Richtlinn, déi eben derfir suerge sollt, datt Kulturgidder, déi en EU-Stat onerlaabt verloossen, erëm mussen zrëckgefuert ginn.

Här President, mat dem Gesetzesprojet 6772, deem den 28. Januar 2015 an der Chamber vun der Madamm Kulturminister déposéiert gouf, soll de Kampf géint den onerlaabten Handel mat nationale Kulturgidder verschäerft ginn. D'Handelskummer an d'Chambre des Métiers hunn hiren Avis den 13. Februar bezéiungsweis de 26. Mäerz ofginn. De Statsrot huet säin Avis den 19. Mee verëffentlecht. De 7. Juli gouf ech als Rapporteur genannt an deesewechten Dag huet déi parlamentaresch Kulturkommissioun de Projet de loi analyséiert.





Et geet also drëm, d'Direktiv 2014/60/UE vum 15. Mee 2014, déi sech mat der Restitutioon vu Kulturgidder befaasst, déi den Territoire vun engem EU-Memberstat op eng illegal Manéier, eng onerlaabt Manéier verlooss hunn, an nationaalt Recht ëmzesetzen.

D'Direktiv 93/7 hat als Zil, de materielle Retour vu Kulturgidder an den EU-Stat ze garantéieren, dee se onerlaabt verlooss haten oder hunn. Nodeems d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv ausgewäert gi war, gouf festgestallt, datt de System, deem Hëllef sollt, datt Kulturgidder nees an hiert Ursprongsland heemgefuert kënnen ginn, kloer Schwächen huet an domat net vill Resultater Opweises hat. Sou koom et kaum zu Aktiounen, well de Champs d'application bis ewell ze enk gefaasst war an d'Délaien, fir eng Aktioun an d'Wee ze leeden, déi hëlleft, e Bien zréckzekréien, einfach ze kuerz waren.

D'Reform vun der Direktiv 93/7/CE ass op europäeschem Niveau néideg ginn, well de System verschidde Schwaachstellen opweist.

Hei déi wichtegst Ännerungen: Do ass emol fir d'Éischt d'Erweiterung vum Champs d'application, deem all Gebidder ëmfaasse soll, déi als „Trésors nationaux ayant une valeur artistique, historique ou archéologique“ klasséiert sinn. Den europäesche Gesetzgeber huet d'Exigence fir d'Direktiv 93/7 gestrach, déi seet, datt ee Bien culturel enger vun de Kategorien ugehéiere muss, déi an der Annex oder an der Annexe vun der Direktiv opgefouert ginn oder, wann d'Kulturgut net an der Annex steet, datt et dann Deel muss si vun den effentleche Kollektiounen oder zu den Inventaire vum de kierchlechen Institutiounen gehéiert.

An anere Wieder heescht dat, datt an Zukunft all Kulturgidder drënnerfalen, déi als national Schätz klasséiert sinn. Et ass nach hei ze bemerken, datt déi sougenannt „Trésors nationaux“ zu dëser Stonn nach net an eiser Gesetzgebung definéiert sinn an datt virgesinn ass, fir dës Definitioon an den neie Gesetzesprojet ze integréieren, deem de Schutz vum kulturelle Patrimoine ugeet.

Dës Definitioon, esou gouf eis vu Regieringssait gesot, muss all beweeglech Kulturgidder beinhalten, déi en artisteschen, historeschen oder en archäologeschen Intérêt hunn. An hei geet et virun allem ëm déi Biens culturels, déi mer an eise Kulturinstituter hunn oder an eise Kierchen a Kapellen oder awer och an där enger oder anerer privater Kollektioun.

Zweet Ännerung: Hei geet et ëm d'Verlängerung vum Délai vun engem op dräi Joer, bannent deem een eng Aktioun engagéiere kann, déi dozou bäidréit, datt ee Kulturgut nees u säi rechtméisseg Besëtzer ausgehändegt gëtt. Dës Verlängerung vum Délai soll d'Restitutioon also erliichteren an awer och den illegalen Handel mat Kulturgidder découragéieren.

En drëttes Changement läit doranner, datt d'Charge vum Bewäis op de Besëtzer, de Possesseur, wéi d'Franseuse richtegerweis soen, iwwerdroe gëtt. Wann dësen Indemnitéite freet, well en e Kulturgut zréck muss ginn, muss e beweisen, datt en de Bien gudde Gewëssens kaaft huet.

Déi nei Direktiv féiert och Kritären an, déi net exhaustiv sinn, also duerchaus erweidert kënnen ginn, fir eng méi uniform Interpretatioun kënnen ze erméiglechen, wann et ëm d'Ausübung vun der sougenannter „diligence requise“ duerch de Besëtzer geet.

E véierte Punkt betrëfft d'Benotzung vun engem elektronischen Instrument, dem IMI-System - IMI steet fir Information du marché intérieur, déi enger Internetplattform gläichkënn, déi déi administrativ Zesammenaarbecht erliichtere soll, awer och den Austausch vun Informatiounen tëscht den nationalen Autoritéiten.

Här President, an de leschte 15 Joer hate mer just ee Fall hei zu Lëtzebuerg, wou ee Bien culturel vun engem aneren EU-Stat reklaméiert gouf. Et waren dat deemools déi franséisch Autoritéiten, déi gerichtlich Schrëtt virun de Lëtzeburger Tribunal wollten huelen, fir iwwert dës Wee handgeschriwwen Notize vum Maréchal Pétain erëmzekréien. Dës ware vun engem Lëtzeburger Résident op enger Stee kaaft ginn, obwuel de franséische Stat e Virkafrecht hat.

Komme mer dann elo zum Avis vum Statsrot. Dësen huet den 19. Mee festgestallt, datt am Exposé des motifs iwwerhaapt keng Informatioun doriwwer ze fanne wier, wéi dacks de Lëtzeburger Stat mat Demandé konfrontéiert gouf, déi op dem Gesetz vum 9. Januar 1998, dat et ze modifizéiere gëllt, berouen, an dës

souwuol als Stat, dee freet, wéi als Stat, deem nofreet. De Statsrot hätt och nawell gäre gewousst, ob et an dësem Kontext prozedural Problemer ginn hätt a wat d'Resultater gewiescht wieren am Fall, wou et zu esou Schwierigkeete komm wier.

Fir de Rescht huet de Statsrot drop opmierksam gemaach, datt d'Gesetz vum 9. Januar 1998 schonn eemol modifizéiert gouf, zanter datt et a Kraaft getrueden ass, soudatt een den Term „modifié“ als Adjektiv mat é virum Datum bäifüge muss. Et ass an deem Sënn, wou mer den Titel vun dësem Gesetzesprojet während de parlamentareschen Aarbechte geännert hunn.

Souwuol d'Chambre de Commerce wéi d'Chambre des Métiers hu keng Bemierkung zu dësem Projet formuléiert. Esou wäit also zu de verschiddenen Avisen.

Erlaabt mer zum Schluss nach eemol, d'Haaptzil vun dësem Gesetzesprojet ze ënnersträichen. Et geet hei ëm näischt aneres wéi ëm de bessere Schutz vum kulturelle Patrimoine an den EU-Stat. Aus dem Rapport vun der Unesco geet ervir, datt am Joer 2011 den illegalen Handel mat Kulturgidder weltwäit ëmmerhin 1,5 Milliarden Euro ausgemaach huet! Domat steet den illegalen Trafic vu Biens culturels op drëtter Plaz direkt hannert dem Drogen- a Waffenhandel.

Et bleift mer nach just iwwreg, all deene Leit Merci ze soen, déi un dësem Text geschafft hunn. Merci och fir déi konstruktiv Aarbecht an der parlamentarescher Kommissioun. Ech schlësse meng mëndlech Interventioun, andeems ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi abrëngen a soenlech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci dem Här Rapporteur, deem a sengem schrëftleche Rapport gutt ëmschriwwen huet, wourëmmer et geet an dat och hei nach eng kéier duergestallt huet.

Kulturgidder sinn Zeie vun der Kultur a vun der Geschicht a se sinn eng Quell vun individueller a kollektiver Identitéit. Sou gi se ënner anerem definéiert op verschiddene Plazen, wéi ënner anerem och an engem relativ wichtege Recueil vu Legislatioun, deem ee ka fannen, vun Experte publizéiert.

Duerfir ass et wichteg, fir se ze schützen, déi Kulturgidder. Hei muss ee ganz besonnen op den illegalen Handel ganz gutt oppassen. Duerfir kann ee begreissen, datt et hei eng ganz séier Ëmsetzung an den Délai ginn ass vun der EU-Direktiv, déi uganks 2014 erauskomm ass. Félicitatioun!

Et geet hei ganz konkret ëm den Abwandschutz innerhalb vun den EU-Stat, nodeem 1993 schonn e Gesetz dat geregelt huet ausserhalb vun den EU-Stat. Trotzdem bleift deen een oder anere Mangel an dësem Projet de loi. Wat ass, wann eng Zerstéierung vun deem Kulturgut ass?

Den Handel ass am Fong geholl an eiser nationaler Transpositioun vun der Direktiv net ugeschwat ginn. Konschthandel ass awer e wichtege Aspekt heider, och wa mer zu Lëtzebuerg dat bis elo net weider haten, guer net esou vill gewinnt waren. Mä mir mussen awer och kucken, wéi ee mam Port franc do domadder ëmgeet. Ech mengen, dat ass eng aner Diskussioun wéi déi, déi an Däitschland de Moment ass iwwert de Kulturschutz, d'Kulturgut-schutzgesetz, Virlag, wou relativ vill doriwwer debattéiert, diskutéiert a kritiséiert gëtt.

En anere Mangel ass sécherlech deem, datt et keng Informatiounsobligatioun am Fall vum Verkaf gëtt. An da vläicht kann een nach just widerhuelen, datt d'Definitioon vun den nationale Schätz, den Trésors nationaux, an dësem Gesetz nach net geregelt ass. A Frankräich hu se dat gemaach an engem Gesetz wéi deem heiten. Et wär eventuell och méiglech gewiescht, dat hei dranzébréngt schonn an dësem Gesetz.

Doriwwer eraus, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mengen ech, sinn hei e puer Bemierkungen, déi ee wëllt bei esou engem Gesetzesprojet wéi deem heiten opwerfen. De Problem vun de Raubgrabungen ass sécherlech eppes, wat weltwäit eng ganz grouss Schwierigkeet ass. De Rapporteur huet och schonn dovunner geschwat gehat am Kontext vum illegalen Handel. An duerfir mengen ech, datt et wichteg ass, datt dat Gesetz hei och esou séier komm ass.

Mir kommen och net derlaanscht, fir nach eng kéier iwwert déi barbaresch Zerstéierungen am Noen Osten ze schwätzen, wou dat sämtlech historescht Kulturgut, huet een den Androck, esou séier wéi méiglech misst futtigemaach ginn, awer méiglechst gutt dokumentéiert, datt d'ganz Welt et sollt gesinn, wéi mächtig a wéi wichteg een ass, wann een dat ka futtimachen.

Ech hat schonn am Juli hei dorop opmierksam gemaach, wéi wéi mir dat deet a wéi schwierig dat ass, datt hei definitiv d'Kulturgut, d'historescht Kulturgut vun der Landkaart a vum Buedem rayéiert a radéiert gëtt. Vlächent kéint ee sech froen, ob een net misst esou eppes wéi Blohmer géint Kulturgutzerstéierungen awer och eng kéier ariichten, mat alle Schwierigkeeten, déi dat natierlech och mat sech géif bréngen, fir do kënnen virzegoen.

Eng lescht Bemierkung, déi ech wollt maachen an dësem Kontext, mengen ech, datt een awer och soll opmierksam maachen op d'Wichtigkeet an d'Bedeutung vum Mäzenat a vum Don vu Konscht un effentlech Institutiounen, och grad hei zu Lëtzebuerg. D'Mäzenat ass net eropgaangen, wann et och do ass, an där leschter Zäit, an esou wäert ee sécherlech sech Gedanke kënnen driwwer maachen, fir et nach weider ze encouragéieren. Dovunner hunn eis Kulturhaiser, eis Muséeën, eis effentlech Konschtinstitutiounen ganz vill.

An ech denken, datt déi Steuerreform, déi kënnt, eigentlech och d'Plaz sollt sinn, fir drun ze denken, esou ee Mäzenat an esou Donen un effentlech Institutiounen ze encouragéieren. Mat kulturfrëndlechen Dispositiounen, denken ech, wär dat wierklech eppes, déi kulturfrëndlech Dispositiounen wäert wierklech eppes, wat ee veränderte kéint a wat een ënnerstëtze sollt.

Dat gesot, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Modert. Nächst Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).** - Merci, Här President. Als Éischt e grouse Merci un de Rapporteur. Ech gesinn en zwar net - dach dohannen! Villmools Merci fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport! Ganz gutt huet mer d'Beispill gefall, wat Der elo uganks bruecht hutt, fir den Dossier ze erklären, well et ass awer eng relativ technesch, fir net ze soen awer e bësse méi dréche Matière.

Virun engem Joer hate mer heibannen d'ratifizéierung vun der Unesco-Konventioun, iwwert déi mer och scho vill diskutéiert hunn. Duerfir halen ech mech haut e bësse méi kuerz. Mir, d'sozialistesche Fraktioun, sinn der Meenung, datt dat heiten e wichteg weidert Element ass am Kampf géint de Mëssbrauch am internationalen Handel. Duerfir ënnerstëtze mer och déi heiten Direktiv.

Heimadder gi mer net nëmmen Äntwerten op d'Froen, no welleche Prozeduren e Memberstat e Kulturgut zréckkritt, wat illegal säit Statsgebit verlooss huet. Och ginn et Äntwerten op Froen, ob e guttgleewegen Erwerber, e Possesseur, eng Entschiedegung (veuillez lire: eng finanziell Entschiedegung) kritt, wann eng Réckgab veruerdnet gëtt.

Wéi gesot, dat heiten ass e wichteg Element, fir eise Patrimoine culturel weiderhin ze schützen an eben och am Kampf géint den illegalen Transfer vun de Kulturgidder virzegoen. Ech ginn domadder den Accord vu menger Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert d'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Mir stëmmen och deem Projet zou a soen dem Rapporteur Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - A Merci och. An dann ass den Här Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit ass emol fir d'Alleréisch e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Bauler, fir eng ganz flott an interessant Presentatioun vun dësem Projet. Mir ënnerstëtzen als ADR, ech muss soen, selbstverständlech och d'Zil vun dësem Gesetz. An et ass awer, mengen ech, och bei enger Transpositioun vun esou enger Direktiv ganz wichteg, datt mer ëmmer musse wëssen, wat dat fir Inzidenzen op eist Land huet. An dofir och eng Rei Froen vlächent un d'Madamm Kulturminister.

Dat Éischt ass d'Komplexitéit vun der Matière. Déi ass jo elo net nëmmen duerch déi hei

Direktiv geregelt, mä eben och duerch aner international Rechtsinstrumenter. An et wär vlächent ganz gutt, datt am Interessi vun de Konschthändler, vun den Antiquairen, vun de Muséeën en Texte coordonné emol kéint erschafft ginn, mat alle Regeln a mat alle Pabeieren, mat allen Dispositiounen, déi dat dote betreffen, fir de Leit et ze erlaben, de Konschthandel esou wäit wéi méiglech koordinéiert an ouni Risiko a Kenntnis vun de Rechtsinstrumenter kënnen ofzewéckelen.

Dat Zweet ass, dee Registre national, dee soll erstallt ginn, des Biens oder Trésors nationaux, wéi ass dat hei zu Lëtzebuerg geregelt? Wéini kënnt dat? Wéi soll dat fonctionnéieren? A wéi eng Inzidenzen huet dës Gesetz och op de Begrëff vun de Collections publiques hei zu Lëtzebuerg, déi mer hei sollen definéieren? Dat heescht, dee Begrëff, wou ass en definéiert? Oder wéi soll déi Begrëffsformuléierung an Zukunft geschéien?

Trotz aller Ënnerstëtzung fir d'Iddi vun dëser Konventioun stëmmt d'ADR se awer net mat. An zwar wäerte mer dës Gesetz net stëmmen, well eng Dispositioun drasteet, déi géint e Grondprinzip vum Rechtsstat verstéist. Mir hatten an deene leschte Joren am Kontext vum Droit pénal eng Rei Entwécklungen, wou d'Bewäislaascht ëmgedréit ginn ass, d'Inversion de la charge de la preuve. Fir eis ass dat e Verstouss géint e Grondprinzip vum Rechtsstat, nämlech d'Présomption d'innocence. Mir hunn dofir ni e Gesetz matgestëmmt, wou esou eng Dispositioun dran ass, well mir hale se vum Fong hier fir falsch a fir e Verstouss géint wichteg rechtsstaatlech Prinzipien.

Elo hu mer och an dësem Gesetz eppes Änlechtes wéi d'Inversion de la charge de la preuve, nämlech eng Exception am Code civil, wou elo de Leit net méi d'bonne Foi ënnerstallt gëtt, wa se e Geschäftsakt virhuelen, mä eng mauvaise Foi. An dat ass alt erëm eng kéier an deem Sënn en Abroch an e Grondprinzip vun deem, wéi e Rechtsstat soll mat de Bierger ëmgoen. Et ass ëmmer um Stat, an eisen Aen, fir eng Schuld ze beweisen, an net un engem Inculpéierten, fir seng Onschuld ze beweisen. Hei gi mer awer op dee Wee.

A well mer hei och dee Feeler widerhuelen, dee mer am Code pénal iwwert d'Inversion de la charge de la preuve scho repetitiv hu misse bekloen, dofir gi mer hei en daitlecht Signal. Mir als ADR, mir vertrieden d'Grondprinzip vum Rechtsstat, d'Présomption d'innocence, an dofir wäerte mir dës Gesetz net stëmmen.

Ech soenlech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet d'Madamm Kulturminister, d'Madamm Maggy Nagel.

#### Prise de position du Gouvernement

► **Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierten André Bauler, fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech géif soen, de Vott vum Projet de loi haut, dee weist, wéi séier de legislative Prozess ka goen. Den 20. November, hu mer héieren, d'lescht Joer, wéi Der hei am Haus d'Unesco-Konventioun vun 1970 iwwert d'Bekämpfung vun illegalen Handel mat Kulturgidder ofgestëmmt hutt, hat ech während där Sitzung dës Projet de loi annoncéiert, an e gouf Enn Januar dës Joer hei am Haus och déposiert. A mir setzen elo haut domat d'Direktiv ëm ëm iwwert d'Restitutioon vu Kulturgidder, déi den Territoire vun engem Memberstat illegal verlooss hunn.

Et war mer wichteg, dës Direktiv séier ëmzesetzen, net nëmme well den Délai fir d'Transpositioun an nationaalt Recht den 19. Dezember dës Joer elo ausleeft, mä och a virun allem, well et drëms geet, en Zeechen ze setzen, dass et hei zu Lëtzebuerg eng Prise de conscience gouf, wat d'Bekämpfung vun illegalen Trafic mat Kulturgidder ugeet. Et ass tatsächlech esou, datt et op internationalem an europäeschem Niveau en organiséierten Trafic respektiv eng kriminell Zeen ronderëm d'Kulturgidder gëtt. Den Handel ass nämlech, änlech wéi dee mat de Waffen oder Drogen, ganz lukrativ.

Esou wéi d'Unesco-Konventioun vun 1970 dësen illegalen Trafic vu Kulturgidder op internationalem Niveau bekämpft, esou gesäit dës Direktiv datselwecht op europäeschem Niveau vir, awer mam Ennerscheed, dass hei konkret a contrainnant Restitutionsprozedure virgesi sinn.

Et sief bemierkt, dass dës Direktiv am Fong eng Refonte ass vun enger Direktiv aus dem Joer 1993. Déi huet och scho Prozedure virgesinn, wéi ee Memberstat e Kulturgut, wat op illegal Aart a Weis, zum Beispill ouni Exportlizenz, op den Territoire vun engem anere Memberstat





komm ass, zrëckzefroen, also d'Restitutioun dovunner unzefroen. An de Grondprinzip gëtt also bäibehalen.

D'Autorité centrale compétente kann an den europäesche Memberstaten op Ufro vun engem Memberstat no illegale Kulturgidder sichen. Am Fall, wou se eppes fënn, gëtt déi zoustänneg national Autoritéit informéiert. An hei am Land ass dat eise Justizministère. Am Fall vun enger Découverte kann de Memberstat, deen d'Ufro gestallt huet, eng Restitutioun beim zoustännegen Gericht ufroen, an zwar an deem Land, wou dat entspreichend Kulturgut fonnt gouf. An nieft dëse Grondprinzipie soll d'Ëmsetze vun där neier Direktiv mat sech bréngen, dass dës Gesetzgebung méi dacks applizéiert gëtt. Dat war nämlech bis elo net de Fall, notament opgrond vun engem ze klengem Champ d'application oder ze kuerzen Délais fir eng Demande en restitution.

Wat elo déi véier Haaptpunkten ugeet, ech mengen, do ginn ech elo net méi drop an, well dat huet den Här Bauler a sengem Rapport ganz prezis gemaach. Mä ze soen ass awer, datt mer mat dësem Gesetz elo e gudden Outil kréien, fir tëscht den europäesche Memberstaten den illegalen Trafic vu Kulturgidder ze bekämpfen.

Fir dass dat och um internationalen Niveau de Fall ka ginn, analyséiere mer den Ament am Kader vum Ausschaffe vum Gesetzesprojekt iwwert den Denkmalschutz, aweiwäit och Elementer aus där UNIDROIT-Konventioun vun 1995 an dat zukünftegt Gesetz kënne mat afléissen. Dës Konventioun gesäit nämlech op internationalem Niveau déiselwecht prozedural Regele vir, wéi d'Direktiven, déi mer haut ëmsetzen. A si ass complémentaire zu der Unesco-Konventioun vun 1970. An deemno komme mer méi wéi sécher an Zukunft nach eemol op dës wichteg Thematik ze schwätzen.

Ech mengen, ech komme ganz gären och an d'Kulturkommissioun. Elo hunn ech och scho mat Ärem President geschwat, fir op weider Detailler, wéi zum Beispill hei op déi Froen, déi den Här Kartheiser gestallt huet, Här President, och nach méi am Detail anzegoen. Mä haut, mengen ech, ass dat hei elo emol zu dëser Saach dat Wichtigst, wat muss gesot ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci och vu menger Säit all deenen, déi um Gesetz geschafft hunn, déi et aviséiert hunn, der Kulturkommissioun, an elo schonn lech alleguete fir déi méi wéi breet Akzeptanz hei an der Chamber.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Kulturminister. Mir kéinten dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6772 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6772 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

59 Députéierten hunn um Vott direkt oder indirekt deelgeholl. 56-mol Jo, dräimol Neen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6772 est adopté par 57 voix pour, 3 voix contre et aucune abstention.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

An ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6646, eng Ofän-

nerung vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Direktioun vun der Gesondheet. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Wéi Der gemierkt hutt, ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

**5. 6646 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé et la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un Centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique**

**Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*), *rapportrice*.- Merci villmools, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Santé publique, d'ëffentlech Gesondheetswiesen, huet als Zil, fir d'Gesondheet vun der Populatioun esou gutt et geet ze schützen an ze erhalen an duerfir och all néideg Politicken a Mesuren ze entwéckelen an ëmzesetzen, fir dat och ze garantéieren. D'ëffentlech Gesondheet gräift dofir an an all méiglech Gesondheetsberäicher, an dat souwuel um Niveau vun der Preventioun wéi och um Niveau vum Dépistage, klore Diagnostique an natierlech och eng beschtméiglech Prise en charge vun all méigleche Gesondheetsrisiken a Krankheeten.

Dat ass och den Hannergrond vum Projet de loi 6646 iwwert d'Reorganisatioun vun der Santésdirektioun, bei där den Ament ëmmerhin eng ronn 200 Persounen schaffen. 1980 waren et der grad emol 50. An déi soll vum Opbau hier a vum Fonctionnement hier optimiséiert an den heitege Gegebenheeten an de Besoinen ugepasst ginn. Dofir gëtt den Handlungs- an och de Wirkungsberäich vun enger Rei bestoenden Divisiounen vergréissert an zwou Divisiounen ginn och nei geschaffen.

Alles an allem gehéieren zu der Santésdirektioun an Zukunft da ganzer néng Divisiounen, déi och all Kéiers e ganz preziiert Aktionsfeld couvréieren. Dat wieren zum engen: d'Division de l'inspection sanitaire; d'Médecine préventive; d'Médecine scolaire, bei där méi generell d'Santé des enfants et des adolescents bäikënn; d'Division de la médecine curative, déi an Zukunft och zoustänneg ass fir d'Qualité en santé; d'Division de la pharmacie et des médicaments; d'Radioprotektioun; d'Santé au travail, déi sech och elo ëm den Environnement këmmere wäert; ganz nei derbäi d'Division vun der Médecine sociale, vun de Maladies de la dépendance an d'Santé mentale; grad wéi och nei d'Division de la sécurité alimentaire. Do derbäi kommen de Service vun der Orthoptie, dee sech ëm d'Aen an ëm d'Kucke këmmert, an de Service audiophonologique, dee sech mam Gehéier, dem Schwätzen, der Sprooch an och der Aussprooch beschäftegt.

Wat elo den Historique ugeet, esou ass dozou ze soen, dass den éischte Projet de loi, fir d'Direction de la Santé ze reorganisieren, schons am Joer 2002 déposéiert gi war an dunn awer spéider zrëckgezu ginn ass. Ee ganz neie Projet gouf dunn an de Joren 2009 bis 2013 ausgeschafft an och diskutéiert, ier eis Gesondheetsministesch Lydia Mutsch en de 15. Januar 2014 déposéiert huet.

Den Text ass zweemol amendéiert ginn, eng éischte Kéier den 10. Mäerz 2015 duerch eng Serie vu Regierungsamendementen, ënner anere fir enger Partie Remarqué vum Statsrot Rechnung ze droen, zum Beispill wat d'Koordinatioun vun der Formation continue vun den Doktere betrëfft, déi der Médecine curative ënnerstallt gëtt an déi mat der Division de la pharmacie et des médicaments zesummeschafft, wat d'Weiderbildung vun den Aptikter ugeet.

En aneren Amendement betrëfft d'Kreatioun vum Poste vun engem zweeten Directeur adjoint, woubäi deenen hir Zoustännegkeetsberäicher opgedeelt ginn. Eemol ass et den Directeur adjoint médical et technique, deenen aneren ass den Directeur adjoint administratif. Och dat ass noutwendeg ginn, well d'Direktioun vun der Santé vum Personal hier awer och vun den Aufgaben hier an de leschte Joren a Joréngten natierlech extrem gewuess ass.

Den zweeten Train vun den Amendementen vum 23. Juli 2015 betrëfft éischter Détailler oder loosse mer soen technesch Aspekter, déi dofir natierlech net manner wichteg sinn.

De Conseil d'État huet deemno am Ganzen dräimol säin Avis ofginn: eemol zum ursprénglechen Text an dann nach zweemol zu den Amendementen. D'Kommissioun huet sech am Detail mat de Remarqué vum Statsrot befaasst an och berücksichtegt. De Conseil d'État huet grad wéi och de Collège médical a sengem Avis drop higewisen, dass dat sougenannt aalt

Gesetz vun der Direction de la Santé virgesinn huet, dass sollten an engem groussherzogleche Règlement d'Détailler iwwert d'Formation continue vun den Dokteren definéiert ginn. Dat ass awer ni geschitt.

Do dernieft hunn och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an de Collège médical zum Projet de loi Stellung geholl. D'Statsbeamtekummer huet sech ënner anere beschäftegt mat den Ufuerderungen un den Direkter an d'Directeurs adjoints a Saache Formation. Zousätzlech hu si grad wéi och de Statsrot gemengt, et wier besser, de Service audiophonologique och an d'Direction de la Santé ze integréieren, esou wéi dat fir de Service d'orthoptie de Fall ass. Dës Bemierkung huet d'Kommissioun dann och an hiren Amendementen berücksichtegt.

Fir vill méi spezifesch Detailler wéilt ech dann awer op de schrëftleche Rapport verweisen, dee mer de 6. Oktober an der Kommissiounssetzung ugeholl hunn.

Während eisen Aarbechte ronderëm d'Reorganisatioun vun der Santésdirektioun, während sechs Reuniounen ëmmerhin, goufen eng Partie Froen opgeworf. Zum Beispill gouf d'Fro no der Trennung tëscht der preventiver an der kurativer Medezinn gestallt. An natierlech sinn dës zwee Beräicher net strikt vuneneen ze trennen, grad wéi och d'Beräicher vun deenen aneren Divisiounen. Et ass jo evident, dass déi sech mussen ofstëmmen an zesummeschaffen.

Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Sécurité alimentaire, déi jo d'Administratioun an d'Servicer vu verschiddene Ministère betrëfft, wat an der Natur vun der Saach läit. Mir wäerten do nach am Zesummenhang mam Projet de loi 6614 an dem Contrôle vun den Denrées alimentaires d'Geleëenheet hunn, fir op dee Sujet méi am Detail anzegoen.

Am Zesummenhang mat der Division de la pharmacie et des médicaments war et d'Fro, déi iwwregens och vum Collège médical a sengem Avis opgeworf gi war, vun der Kontroll vun de sougenannten Online- a Versandaptiken. An deem Beräich ass en Avant-projet de loi an der Maach, fir d'europäesch Direktiv 2011/62 ëmzesetzen. An an Zukunft wäert et dann och esou sinn, dass de Versand nëmmer dierf gemaach gi vun Aptikten, déi eng Officine hunn. Duerfir gouf iwwregens EU-wäit e Label agefouert, deen op sämtlechen Internetsite vun Online- a Versandaptikte muss figuréieren.

Eng e bësse méi komplizéiert Thematik dréit ëm d'Mëttelen an d'Rechter vun den Dokteren an den Agente vun der Direction de la Santé, an dat souwuel am Fall, wou e Gesondheetsproblem an enger Wunneng constatéiert gëtt, de Betreffenen awer refuséiert zum Beispill, an e Spidol ze goen, fir déi néideg Soenen ze kréien, wéi och am Fall, dee vum Collège médical opgeworf gëtt, wou soll bei engem Professionnel de santé gekuckt ginn, ob alles de Regeln an de Gesetzer entsprécht. An deem Zesummenhang gesinn d'Artikelen 10 an och 11 vum Gesetz déi néideg Virgeewen weise vir.

Wat d'Dokteren an d'Gesondheetsberuffer ugeet, do sief op d'Gesetzer an op d'Reglementer iwwert de Beruff an d'Autorisation d'exercer vum Dokter a vun de Gesondheetsberuffer verweisen.

Voilà, dat wier et schonn, wat ech als Rapportrice zu dësem Gesetzestext ze soen hunn. Ech wéilt awer net ofschléissen, ouni fir d'Éischt emol e grouse Merci ze soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht an eise Kommissiounssätzungen. Merci der Madame Minister an hire Leit fir hir Disponibilitéit. Merci den Attachée vun der Chamber a vun der Fraktioun fir hir exzellente Aarbecht.

Ech ginn heimadder dann och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun a soen lech e grouse Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet direkt den Här Jean-Marie Halsdorf.

**Discussion générale**

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischte a menger Interventioun wollt ech och dann der Rapportrice Merci soe fir e gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Mat dësem Projet de loi, si huet et gesot, gëtt jo d'Direction de la Santé nei organiséiert. Et geet also hei ëm d'Santé publique, déi ëffentlech Gesondheet. A wa fréier éischter do am Fokus stoung d'Hygiène an déi iwwerdrobar Krankheeten, ass dat haut jo ganz anescht. Haut kritt dat Ganz eng aner Nues, haut heescht Santé publique éischter, Krankheete verhënneren, Preventioun maachen also, d'Gesondheet vun eise Bierger favoriséieren, Dispositiounen huelen, fir d'Liewen ze verlängeren, eis Matbierger besser informéieren

an och besonnesch dann de Patienten hir Rechter a Betruucht zéien.

Et ass also eng aner Aufgabestellung, eng Neiopstellung vun der Direction de la Santé, déi haut geschitt. Et mécht also Sënn, fir dat ze maachen. Wat awer am Fong geholl geschitt, net esou wéi et schonn e puermol opgeworf ginn ass a verschiddenen Avisen, notament seet d'Fonctionnaireskummer: „Wann Der scho fënnf Artikelen ännert, firwat schreift Der net e ganz neit Gesetz vun hanne bis vir? Dat wier vläicht besser fir d'Visibilitéit.“, dat geschitt net. Et geschitt och net dat, wat de Statsrot - an och d'Rapportrice elo grad - opgeworf huet, dee seet: „Firwat maacht Der dann nach eng Trennung zwësche Médecine curative a Médecine préventive, well am Fong geholl um Terrain gëtt et jo just déi eng?“ Dat geschitt also och net.

Dat Eenzezt, wat mer hei da kréien, dat ass den Ausbau vum Existant vum Gesetz, dat mer elo hunn, wou déi fënnf Artikeler geännert ginn a wou mer dann eng Erweiderung an eng Bündelung vun de Kompetenzfelder kréien. Mer kréien zwou nei Divisiounen bäi: d'Divisioun vun der Médecine sociale, des maladies de la dépendance et de la santé mentale. Dat mécht wirklech Sënn, well Depressioun an Alzheimer, Schizophrenie, Alkohol, Drogen, dat si Stéchwierder, wou mer dobausse gesinn, dass déi Problemfall éischter méi grouss gi wéi méi kleng. An dofir mécht et Sënn, dat dann och an enger Direction de la Santé ze bündelen. Gradesou vill Sënn mécht et och, fir dann d'Sécurité alimentaire an der Direction de la Santé opzestellen.

Mä d'Fro, déi ech mer hei stellen, ass déi, ob déi Regulariséierung vum Existant, wéi d'Madamm Minister dat och genannt huet, ob dat am Fong geholl, déi Tatsaach, dass een dann déi Kompetenz an engem Pool schaaft, wou fréier dann den Département de la Santé an e puer Services an der Direction de la Santé gebündelt goufen, ob dat duergeet an ob dat wirklech déi beschtméiglech Léisung ass, well - et ass och gesot gi vun der Rapportrice - an dem Sécurité-alimentaires-Milieu hu mer vill Intervenanten, notament d'Agrikultur, de Minister mat senger Services vétérinaires. An de Lead läit ganz kloer bei der Santé. An dat wäert och net an Zukunft änneren.

Mä wat mer net esou kloer schénkt, dat ass zum Beispill eng Forderung, déi d'Chambre des Métiers gestallt huet am Avis zum Projet de loi 6614 iwwer e Contrôle vun de Liewensmëttel. Do werfe si Folgendes op. Si soen: „Firwat net“, esou steet et am Avis, „«instaurer un seul organisme pour tout ce qui a trait à la sécurité alimentaire et au contrôle, voire même de mettre sur pieds une nouvelle instance en charge de toutes les dispositions relatives à la sécurité alimentaire.»“

Firwat maache mer dat net? D'Madamm Minister huet eis eng Kéier gesot, dat wier komplex an hei an do. Bon, ech hätt léiwer gehat, mir wieren déi ganz Geschicht méi lues ugaangen a mir hätten och den Audit ofgewart, deen an deem Beräich de Moment gemaach gëtt. Do kréien ech da geäntwert, de Projet de loi 6614 iwwert d'Kontrolle vun den lësswueren, deenen ass hei éischter betrafft. Et ass awer net auszuschléissen, dass déi zwee Projeten, déi sech iergendwéi awer begéien, dass deenen een oder anere ka Répercussione kréien.

An ech fannen et net gutt, dass mer dësem Projet haut an hei elo direkt Fait-accomplé maachen am Beräich Sécurité alimentaire. Ech hätt léiwer gehat oder mir hätte léiwer gehat, de Projet de loi 6646 vun haut an de 6614, déi wäeren zesummen evakuéiert ginn hei an der Chamber, wéinst der Complémentaritéit an der Komplexitéit an dësem Domän.

Da sinn nach dräi aner Punkten, déi ech wollt kuerz opwerfen, déi problematesch sinn. Dat eent ass, dat hat ech och an der Kommissioun gesot, mer kréien en Direkter mat zwee Directeur-adjoints. Dat ass dann... Et gëtt eng Aart Dräiecksverhältnis. Dat wäert sécherlech zu Spannunge féieren. Och wann am Projet de loi steet oder am Gesetz herno wäert stoen, dass, wann den Direkter net do ass, gëtt en duerch deenen ersat „le plus ancien en rang“.

Dat kann awer och zu Situatiounen féieren, déi spannend ginn, well Der hutt eis och an der Kommissioun gesot, deenen een Direkter géif éischter technesch ersetzen an deenen aneren éischter administrativ. Bon, mer kucken emol, wat d'Realitéit eis do wäert bréngen. Ech weess just, dass am Avant-projet de loi iwwert d'Polizei zum Beispill just deenen anere Wee gaange gëtt. Do gëtt et de Moment een Direkter mat zwee Directeur-adjoints, an do wëllt de Minis-